LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vun der Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 2936 vum 24. September 2025 vum Här Deputéierten André Bauler.**

Den honorabelen Deputéierten freet am Kader vu senger parlamentarescher Fro no de Käschten, dem Ënnerhalt an der Zuel vun de Radaren am Land.

Fro 1: Wat kascht d'Installéiere vun engem eenzelne Radar de Staat am Duerchschnëtt?

D'Ekipement vun engem fixe Radar (Kontroll vun der Vitess, respektiv Mëssuechte vun enger rouder Luucht) kascht ronn 120 000 € HTVA.

Dobäi kommen awer nach zousätzlech Käschte fir d'Installatioun vum Radar, wéi fir Genie civil- oder Reseau-Aarbechten, Käschte déi jee no Emplacement staark variéieren kënnen.

Fro 2: Wat ass de Präis vun der Installatioun vun engem Streckeradar?

Ee Streckeradar a bidirektionaler Ausféierung kascht ongeféier 500 000 € HTVA.

D'Zousätzkäschte fir d'Installatioun (Genie civil, respektiv néideg Reseauen) am Kader vum Streckeradar tëscht Gonnereng an dem Waldhaff hunn sech op ongeféier 200 000 € belaf.

Bei de Streckeradaren an den Autobunnstunnelle waren d'Installatiounskäschte méi niddreg, well do keng gréisser Aarbechten um Genie civil néideg waren an d'Reseaue gréisstendeels schonn op der Plaz waren.

Fro 3: Wéi héich sinn 2024 d'Entretienskäschte vun de Radaren hei am Land gewiescht? Wéi vill Radaren a Streckeradare ginn et de Moment?

D'Käschte fir den Entretien (preventiv a curativ Maintenance, sou wéi och periodesch Kontrollen) vu sämtleche Radaren hunn sech 2024 op ronn 380 000 € belaf. Fir d'Zertifikatioun an d'Homologatioun waren et ronn 12 000 € a fir sämtlech Telekommunikatiousabonnementer ronn 220 000 €.

Aktuell ginn et follgend Radaren:

- 27 fix Radare fir d'Vitess.
- 5 Streckeradare fir d'Duerchschnëttsvitess.
- 4 fix Radare fir d'Vitess a rout Luucht.
- 5 mobil Radare fir d'Vitess.
- 2 Chantiersradare fir d'Vitess.

Fro 4: Tëscht Viichten a Bissen geschéien dacks Accidenter, och mat déidlechem Ausgang. Ass et schonn eng Etude ginn, mat Hëllef vun där festgestallt konnt ginn, ob sech d'Installéiere vun engem Radar op dëser Streck imposéiert? Wann net, ass sou eng Studie eventuell geplangt?

Wat d'Streck vum CR306 tëscht Viichten a Bissen ubelaangt, ass festzehalen, dass et an de leschten dräi Joer (2022–2024) véier registréiert Accidenter gouf, dorënner een déidlechen Accident am Joer 2022. Bei dësem, souwéi och bei verschidden aneren Accidenter, huet Alkohol eng Roll gespillt.

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

De Streckeverlaf ass allgemeng net als besonnesch geféierlech anzestufen, wat déi generell Reegele vum Code de la Route ubelaangt. Déi eenzeg Ausnam stellt eng laanggezunne Kéier duer, déi vun Automobilisten*innen – virun allem bei ongënschtege Wiederkonditiounen – ënnerschat gëtt.

Den Aarbechtsgrupp „Audits de sécurité" suivéiert d'Accidentologie op där Streck (esou wéi um gesamten Réseau) fir eventuell infrastrukturell Ursaache vun den Accidenter ze identifizéieren. An deene leschte Jore goufe vun der Stroossebauverwaltung doropshi schonns technesch Mesuren ënnerholl, déi e positiven Impakt op d'Verkéierssécherheet missten hunn.

Dozou gehéieren ënner anerem:

- d'Verbesserung vun der vertikaler Beschëlderung, inklusiv enger zousätzlecher Signalisatioun vun der genannter Kéier,
- d'Verbesserung vum Marquage,
- d'Uleeë vun enger Auslafzon hannert der Rietskéier a Richtung Bissen,
- an d'Installatioun vu Leitplanke mat zousätzlechem Motorradschutz am Hierscht 2024.

Aktuell leie keng weider Informatiounen zu rezenten Accidenter op dëser Streck vir, an et gëtt och keng Etüd fir d'Installéiere vun engem Radar. Dëst, well déi uewe genannte Mesurë fir d'éischt hir Wierkung op d'Verkéierssécherheet sollen entfalen.

Lëtzebuerg, den 21. Oktober 2025

D'Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes